Rapport vun eiser Assemblée Générale vum 14ten November 2019

Vum Comité waren présent :	Simone Frank, Jorge De Sousa, Linda Chretien, Eliane Barthel-Wians, Astrid Kontz-Krause, Claude Kontz, Sabine Luxen, Isabel Dos Santos Marques, Ana Marques, Rosa Elsen-Lopes, Daniel Ersfeld, Alexandra Intini-Tarantini, Christine Pauly-Calmes
Ëntschellegt waren :	Eliane Krier-Scholler, Cédric Jacques, Monica Künsch, Marcelle Marx, Josiane Schoder

Ufank : 18.00 Auer

Begréissung vun der Präsidentin an den Aktivitéitsbericht

Mir waren frou den Här Christnach, Direkter vum LJBM, den Här Pundel, Sous-Direkter vum LJBM, den Här Marcel Schmit, Schoulschäffen vun der Gemeng Mamer, eis aktiv Comitésmemberen, déi nei Memberen souwéi och déi interesséiert Elteren ze begréissen.

D'Linda huet den Aktivitéitsbericht 2018/2019 virgestallt den folgenden war :

- Präsenz vun eisen Comitésmemberen am
  - Conseil d'éducation
  - Commission de restauration
  - Commission de sécurité
  - Projet d'établissement
  - Conseil de discipline

- Präsenz vun Comitésmemberen bei der Fapel
  - Assemblée gen .Fapel

- Subsiden
  - SPOS 2017 et 2018 => 1 000 EURO
  - PRIX THIERRY ORIGER => 75 EURO
  - VOYAGE D'ETUDES BARCELONA => 425 EURO

- REMISE DES PRIX => 500 EURO
- FAPEL (Cotisatioun) => 170 EURO
- STAGE DE VOILE => 500 EURO
- REGATA => 500 EURO
- GROUPE DE THEATRE => 220 EURO
- STADTREES (Munich) => 500 EURO

Rapport vum Trésorier dem Jorge De Sousa

Den Jorge huet eis séin Keessebericht 2015/2016 präsentéiert, wou eisen aktuellen Stand sech op 17.593,92 Euro beleeft.

D' Revisoren hunn d 'Keess iwwerpréift an do war alles an der Rei.

D 'Assemblée huet dem Caissier durch Klappen rem Décharge ginn fir seng exellent Aarbecht als Caissier vum Elterecomité.

Den Stand vun eisen aktiven Memberen am Comité

Nei Memberen fir den Elterecomité vum Lycée Josy Barthel sinn folgend:

Tom Biesdorf, Claude Künsch, Isabelle Schmit, Sylvie Veloso, Ramalho Wieslaw

Austriedend ass:

Eliane Barthel-Wians, Cédric Jacques, Monica Künsch, Marcelle Marx, Josiane Schoder

D' Simone Frank huet den neien Memberen Merci gesot fir hiert Engagement dat se bewissen hun sech am Comité anzeschreiwen an domat den Elterecomité gudd ënnerstëtzen wärten. Den Comité huet eng flott a wichteg Aufgab am Déngscht vun der schoulescher Educatioun vun den Kanner an wichteg fir ee Mateneen a Fireneen am Lycée ze garantéieren, duerch den gudden Dialog tëscht Proffecomité, der Direktioun an dem Elterecomité.

D'Assemblée huet durch Klappen déi nei Memberen begréisst.

Si huet och dem austriedenden Memberen, Merci gesot fir hieren Engagement.

Den aktuellen Stand vun aktiven Comitésmemberen beleeft sech elo op 18 Memberen:

Simone Frank, Jorge De Sousa, Linda Chretien, Tom Biesdorf, Isabel Dos Santos Marques, Rosa Elsen-Lopes, Daniel Ersfeld, Alexandra Intini-Tarantini, Astrid Kontz-Krause, Claude Kontz, Eliane Krier-Scholler, Claude Künsch, Sabine Luxen, Ana Marques, Christine Pauly-Calmes, Isabelle Schmit, Sylvie Veloso, Ramalho Wieslaw.

D'Wuert vun der Direktioun an der Gemeng Mamer

Den Här Christnach an den Här Pundel hun confirméiert, datt den Lycée gudd gewues ass. Et sinn lo 1350 Schüler am Lycée. Et war an ass net einfach Stonnenpläng ze organiséiren an et jidderem gerecht ze machen. D'Säll sinn all voll an Demande ass raus fir datt den Lycée kann beibauen. Well dat awer en groussen administrativen Opwand ass, wäert et awer leider nach en beschen daueren bis den Bagger virun der Dier steet.

I-Pads laafen ganz gudd, all Klassen sinn an ginn komplett mat den I-Pads ageriichgt. Klassensäll ginn och emgebaut fir eben mat denen I-Pads ze schaffen.

Schoulrentrée huet ganz gudd geklappt. Kantine huet en neien Kach, den wirklech formidabel ass. Déi 1. Kantinskommissioun war och schon ofgehaalen ginn an do ass vun allen Säiten favoriséiert ginn, fir méi Bio-Produkter unzebidden. Problem ass natiirlech ëmmer déi grouss Quantitéit. Mir sinn um gudden Wee, mee et wäert nach beschen dauern bis mir den Level erreecht hun.

En groussen Problem ass awer den Traffic. Sektioun Formation professionnelle spiert dat extrem gudd, well do d'Schüler aus dem ganzen Land an den Ljbm kommen an do kënnt et effektiv mei oft vir, datt se net um 8.15 Auer an der Schoul sinn. Et muss een kucken wéi den Problem kann geleist ginn, vielleicht mei spéit ufänken. Et gett och lo en neit Gesetz an der Fomation professionnelle, dat den Här Pundel ons dann an eiser nächster Comitéssitzung wäert präsentéieren.

Et geet och lo ganz nei en nationale Elterecomité. Mir als Elterecomité vum Ljbm wäerten och 2 Membern wielen an déi Kandidaturen dohinner schécken.

Den Här Marcel Schmit, Schoulschäffen vun der Gemeng Mamer, huet den Elterecomité an och den Lycée geluewt fir déi gudd Zesummenaarbecht ënnerdeneneen an och mat der Gemeng. Bio-Produkter an der Cantine appréciéiert den Här Schmit och an hien sot och datt mir um Wee sinn dohinner.

D'Simone Frank huet den Invitéeën Merci gesot fir hiert Kommen. Den Här Christnach huet nach op en Patt invitéiert an sou ass den Owend flott ofgeschloss ginn.

Mir soen all eisen Memberen Merci fir hir Ënnerstëtzung.

Enn 21.00 Auer